CSV
CONTER

# Hierschtfest

## den 21. September 2014 zu Éiter am Centre Culturel

Apero ab 11$^{00}$, Mëttegiessen ab 12$^{00}$

**Menü 1**

**Prince Orloff,** 18€
mat gebotschte Gromperen an Zalot

**Menü 2**

**Gemëschten Ham,** 16€
mat gebotschte Gromperen an Zalot

**Kaffi an Dessert vum Buffet**

**vu 15 Auer un**

**Thé Dansant**

mam **Jeannot Büchler**



**Umeldunge bis de 16. September um 621 22 66 79 oder um 621 301 926**

Hu Dir nach Froën, Virschléi oder Ideeën ?…
dann zéckt nët eis unzeruffen:

Haben Sie noch Fragen, Vorschläge oder Ideen ?…
dann zögern Sie nicht uns anzurufen:

Avez-vous des questions, des proposes ou des idées ?…
n'hésitez pas de nous contacter:

Any questions, suggestions or ideas ?…
don't hesitate to give us call:

| Laurent Lakaff | Jim Schmitz | Marion Zovilé | J.P. Di Genova |
|---|---|---|---|
| 621 470 499 | 621 293 695 | 621 226 679 | 621 301 926 |



## Agenda

**10. September:**
- **Plans Sectoriels a meng Rechter** - Grouss Informatiounsversammlung mam Me. Georges Krieger zu Moutfort am Centre Culturel

**21. September:**
- **Hierschtfest** zu Éiter am Centre Culturel „Am Medepull“

## Impressum

***CSV - Chrëschtlech Sozial Vollekspartei***

**„De Conter Expresso“** erscheint unter der Verantwortung der CSV-Conter.

Weitere Informationen:
Facebook: CSV Conter
www.csv-conter.lu
info@csv-conter.lu

Secretariat:
CSV- Conter
4, rue de Bous
L-5353 OETRANGE

***CSV Conter © 2014***

# De Conter Expresso

## Dialog a Kommunikatioun



**Marion Zovilé,**
**Présidentin vun der CSV-Conter**

Wann een ewéi mir Awunner aus der Gemeng Conter d'Chance huet an esou enger schéiner, grenger an aktiver Gemeng ze liewen an ze wunnen da muss een sech bewosst sinn dass dat keng Selbstverständlechkeet ass. An deene véier Dierfer vun der Gemeng Conter hu mir haut nach eng gutt Liewensqualitéit, vill schéi Natur mat Spadséierweeër, Velospisten a nach vill Plaz fir dass och eis Kanner d'Méiglechkeet kënne kréien fir an hirer Gemeng wunnen ze bleiwen.

Awer dodrunner muss geschafft ginn, do musse Projeeën ausgeschafft ginn fir dass mir als Gemeng moderat wuessen, sou wéi et am „Plan de développement communal“ virun 10 Joer, am Dialog mat de Bierger, vun dem deemolege Schefferot scho festgehale ginn ass.

Dofir sinn d'Plans Sectoriels wéi se elo zu Conter virgesi sinn eng grouss Erausfuederung fir all Responsabel, sief et an der Regierung oder an der Gemeng.

All déi Politiker musse sech bewosst sinn, dass esou schwéier Agräffer an d'Entwécklung vun enger Gemeng enorm Konsequenzen fir all d'Awunner wäerten hun a fir munnech Betriber ass esouguer hir Existenz a Fro gestallt.

Dofir ass et enorm wichteg – neen et ass einfach nëmmen d'Pflicht vun deene Responsabelen fir mat hire Bierger ze kommunikéieren!

Et kann ee nëmmen am Dialog mat alle Betraffenen esou déifgräiffend Décisiounen huelen, an zwar an deems een och d'Uleies vun de Leit respektéiert an zesummen no Léisungen sicht déi fir all Bedeelegt sou gutt ewéi méiglech ausfaalen.

Solidaresch hunn onzefridde Bierger a Baueren zesummen de 6. August manifestéiert fir hirer Onzefriddenheet Loft ze machen – onzefridden iwwert dat wat an de Plans Sectoriels virgesinn ass fir Conter – awer och onzefridden dodriwwer dass si absolut keng Informatioun zu dësem Mammouthprojet kritt hunn ausser dass si bis den 11. August Zäit haten fir ze reklaméieren…?

An der Hoffnung fir dass och an Zukunft den Dialog an d'Kommunikatioun an eiser Gemeng rëm GROUSS geschriwwe gi, freeë mir eis drop aktiv mat ze schaffen, dass mir och an Zukunft eng lieweg a modern Gemeng sinn, ouni eise ländleche Charakter mat eisem grénge Emfeld mussen opzeginn.



## Familljefest

Am 25. Mai 2014 – am Tag der Europawahlen – fand im Kulturzentrum in Moutfort das traditionnelle „Familljefest“ der CSV-Contern statt. Wieder hatten sich viele Mitglieder, sowie Freunde und Sympatisanten der lokalen CSV-Sektion eingefunden, um bei „Fierkel um Spiess mat gebootschte Gromperen an Zalot“, verschiedenen klassischen Grillspezialitäten, Desserts, Kaffee und Kuchen, einige frohe Stunden in guter Gesellschaft zu verbringen. Einen Kicker und einen Tischtennistisch ließen keine Langeweile bei den Kindern aufkommen; eine reichhaltige Tombola und Musik sorgten für gute Stimmung. Die CSV-Contern bedankt sich für die Unterstützung und freuen sich schon auf das Familienfest im nächsten Jahr.

## Schlammwiss

Despite the weather conditions on August 14th, the CSV-Conter welcomed 23 visitors in the nature reserve Schlammwiss in Uebersyren.

After a short walk along the reedbeds, Jim Schmitz showed several caught and banded birds to the interested crowd (among others: Barn swallow, Blue tit, Reed warbler and its nest, Kingfisher, Common grasshopper warbler, and a spotted crake).


Moreover, explanations were given on the relationship between the Reed Warbler and the cuckoo, a new research project on sender-equipped warblers and their migration to Africa as well as a little anatomy and the handling of birds.

To wrap up the evening, drinks and BBQ were served and conversations carried on.




X Schmit © 2014

# Eng Vakanz déi bal keng wor: Plan Sectoriel Conter




Eigentlech hate mir gutt geschafft dat ganzt Joer iwwer an hunn eis op d'Vakanz gefreet, sou wéi déi meeschte Leit .

Mir haten den 28. Juni nach just eng grouss Informatiounsversammlung wou mir am neien Theater déi véier Plans Sectoriels virgestallt kritt hunn.

Duerno hate mir als Gemengeconseiljeeën, genau wéi all d'Bierger aus dem Land, d'Méiglechkeet fir eis den Detail vun dëse Plans sectoriels op eiser Gemeng unzekucken.

Wat mir an dësen Dossieren, no stonnelanger intensiver Aarbecht, festgestallt hu wor, dass d'Regierung (an de Schefferot ?) vun der Gemeng virgesinn hun fir an deene nächsten 20 Joer am Duerf Conter 42 ha Land an de Bauperimeter eranzehuelen.




Mir konnten dat wat eis do virluch net gleewen an hu mat de Leit geschwat deenen hir Existenz um Spill steet, wann effektiv esou e Mammouthprojet  zu Conter realiséiert géif ginn.

Nodeems mir mat verschiddene betraffene Baueren a Propriétairen geschwat hunn, wosste mir dass d'Leit nach laang net all Bescheed wossten wat dann elo genau an deene Plans Sectoriels virgesi war.

Dee selwechten Owend soutzen eng 50 Leit zesummen an d'Décisioun gouf geholl fir Mëttwochs virun der Gemeng mat enger Manifestatioun, dem Schefferot vu Conter, d'Onzefriddenheet vun de Leit  auszedrécken. Zesummen hu mir eng Lëscht opgestallt mat verschiddene Punkten mat deene mir als Bierger aus der Gemeng Conter, egal op Baueren, Propriétairen oder Awunner, absolut net kënnen averstane sinn.

Un aller éischter Stell hu mir dem Buergermeechter a sengen zwee Scheffen d'Fro gestallt:

- Firwat soll d'Gemeng Conter dann elo ob emol eng „Commune Prioritaire" ginn?
- Wat bedeit dat konkret fir eis Gemeng?
- Firwat si mir als Gemengeconseiljeeën absolut net informéiert ginn iwwert dëse Mammouthprojet zu Conter?
- Firwat huet de Schefferot d'Awunner aus der Conter Gemeng net iwwert all dat informéiert?
- Firwat léist de Schefferot et zou dass d'Existenz vun eise Baueren um Spill steet?
- Firwat huet absolut keng Informatioun a Kommunikatioun stattfont?
- Wéi solle mir als Gemengeconseiljeeë korrekt iwwert esou rieseg Dossieren kënne befannen wann emol keng Aarbechtsëtzunge stattfannen?
- Op wéi enger Basis solle mir,




an all d'Bierger, da bis den 11. August eis Reklamatiounen eragi wann de Schefferot eng éischt Arbechtssëtzung fir de Gemengerot eréischt den 10. September aberifft?

- Wéi kann ët sin, dass d'Bierger, déi och nëmmen duerfte bis den 11. August reklaméieren, eréischt Enn September op enger Informatiounsversammlung alles erklärt kréien.

Firwat sollen zu Conter 42 ha an deene nächsten 20 Joer bebaut ginn – dat sinn ± 1500 Wunnengen an ± 4000 oder méi Awunner.

Dat bedeit: Totale Verkéierschaos, guer keng Liewensqualitéit méi, nach mindestens zwou Schoulen a Maison Relais'en, Sportsinfrastrukturen, Umgehungsstroossen asw…

Haut sinn zu Conter ca. 50 ha Land bebaut. An der ganzer Conter Gemeng leie nach ongeféier 35 ha Land am Bauperimeter. Mir sinn der Meenung dasse mol fir d'aller-éischt sollten déi Terrain'e bebaut ginn déi souwisou am Perimeter leien, déi z.B. bei enger Gare (Éiter) sin, eventuell nach en zousätzlechen Arrêt schaafen zu Moutfort fir och do de Leit d'Méiglechkeet ze ginn fir den ÖT ze notzen.

Firwat ginn net emol déi Projeeën déi zu Conter scho laang geplangt sinn emgesaat, z.B. Projet SNHBM hannert dem Henkeshaus, Projet  niewent der aler Schoul, bei der aler Sportshal asw…

An eisen Aën wier et op alle Fall eng absolut Pflicht vun eise Gemengeresponsabel fir sech fir seng Gemeng, seng Dierfer an hir Bierger anzesetzen, sech zesummen mat hinnen Gedanken ze maachen wéi d'Zukunft vun eis all soll ausgesinn. Als Gemengeresponsabel hu si d'Pflicht fir sech fir d'Wuel vun hirer Gemeng an hire Leit anzesetzen, well: Ë Politiker soll fir seng Bierger do sinn a net emgedréit!

Mir als CSV-Éluen sinn absolut dofir dass fir eis jonk Leit, eis Kanner, onbedéngt muss neie Wunnengsraum geschaafe ginn an zwar esou séier ewéi méiglech. Mir sollten déi schnellstens déi scho laang geplangte Projeeë réaliséieren, an och kurzfristeg nei Projeeeën ausschaffe fir eise Kanner d'Méiglechkeet ze ginn an hirer Gemeng wunnen ze bleiwen.

Ët ass erfreelech ze héieren dass no der Manifestatioun zu Conter, de Landwirtschaftsminister op RTL gesot huet dass Conter effektiv staark betraff wier, mais dass jo vläicht net alles esou géif emgesaat ginn ewéi dat elo geplangt wier.

Mir kennen also nëmmen hoffen dass och ewéi zu Kayl, nodeems de Buergermeeschter vu Kayl, mat senge Bierger, sech géint déi 70 ha déi sollten do bebaut ginn gewiert huet den Inne-Minister agerenkt huet a versprach huet dass dëse Mammouthprojet **net** géif an deem Mooss emgesat ginn.

Dat géif op alle Fall deene Leit déi zu Conter manifestéiert hunn Courage maachen an Hoffnung ginn dass si net fir näischt sech fir hiert Land, hir Gemeng an hir Leit agesaat hunn.

## Plans Sectoriels a meng Rechter

Grouss Informatiounsversammlung mam



## Me. Georges Krieger

avocat spécialisé en droit immobilier, droit de la construction et de l'urbanisme, droit du bail et de la copropriété au Luxembourg.

**zu Moutfort am Centre Culturel**

Mëttwochs, den **10. September 2014 um 20[00]**

# Maison Relais Contern - kein Platz für 60 Kinder ?

Bekanntlich ist die Maison Relais in Contern für alle Kinder- von Précoce bis zum 6. Schuljahr-geöffnet

Nun bekamen jedoch – mitten in den Ferien – die  Eltern ein Schreiben indem sie aufgefordert wurden dieses, von ihrem Arbeitgeber ausgefüllt wieder in der Maison Relais abzugeben. Auf die Nachfrage der Eltern warum dieses zusätzliche Formular (neben den normalen Anmeldungsformularen diene, hiess es dass wegen Platzmangel für 60 Kinder ab September 2014 kein Platz mehr in der Maison Relais sei.

Während viele Eltern im Ausland sind, bekamen einige auf Nachfrage in der Maison Relais die Antwort, der verantwortliche Leiter sei in Ferien und ihr Anliegen würde im September geklärt.

Auf Anfrage beim Schöffenrat der Gemeinde Contern wurde geantwortet, diese Situation sei nicht in dessen Verantwortungsbereich und man müsse eben bis September warten bis die zuständige Person aus dem Urlaub zurück sei.

Es sei  klargestellt, dass die Gemeinde Contern lediglich den tägliche Arbeitsablauf der Maison Relais einem Betreiber anvertraut hat, jedoch der Schöffenrat, als exekutives Organ des Gemeinderates, also stellvertretend für alle Bürgerinnen und Bürger, voll und ganz verantwortlich für das gute Funktionieren derselben Maison Relais ist.

Was einen eventuellen Platzmangel angeht, liegt die Verantwortung sicher auch im Bereich des Schöffenrats, welcher 2011 den Bau des neuen „Cycle 1"-Gebäudes  bis 2014 verzögert hat, ein Projekt das mittlerweile um mehr 3 000 000 w€ verteuert wurde.

Das Verhalten des Schöffenrates gegenüber allen betroffenen Eltern dürfte man als unverantwortlich qualifizieren, sind doch viele Eltern, knapp drei Wochen vor Schulbeginn im Ungewissen ob ihre Kinder nun in der Maison Relais betreut werden oder nicht.

